

# déi *K*onservativ

## Pressematdeelung

08.10.2019

### **Keng Lag vun der Natioun - eng blo-rout-gréng Regierungskapitulatioun!**

D'Partei **déi Konservativ** huet, ewéi all Kéiers, politesch Kenntnis vun der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun vum 8. Oktober 2019 geholl - dëst mat vill Interessi, Passioun, a Präzisioun, well fir eis als heemechtsverbonne Partei, d'Zukunft, d'Gesondheet an d'Entwécklung vun eise Land eng patriotesch Prioritéit ass – engagéiert fir d'Sonnesäit vu Lëtzebuerg!

Erwaardungsgeméis, gouf eis Partei, leider an hirer Skepsis bestäetgt: De Premierminister Xavier Bettel huet sech staatsmännesch net bewisen, ee Futtismus fir d'reell Problemer, d'Suergen an d'Néit zu Lëtzebuerg! Hie bleift Natioun a Vollek, national Rechenschaft schëlleg! Kuerz a knapp endegt hei een Optrétt am Parlament, dee keen ass. Ouni Zuelen, Fakten, a Resultater, ouni Léift fir de Passé, ouni Mutt fir d'Zukunft, ouni evolutiv a souverän Strategie fir d'Land. Et ass déi blo-rout-gréng Regierungskapitulatioun! D'Regierung ass out! Apaart vu Klimawandel, Brexit an Dateschutz, ass dat wat eis interesséiert als Partei ...

- Lëtzebuerg huet, trotz gudde Wirtschaftsprognosen, keng gesond Finanzsituatioun: eng oppe Staatsverschëldung vu bal 13 Milliarden €, soit 21,3% par rapport zum BIP. Wéi gesinn d'Initiativen aus, fir de Finanzproblem ze léisen an d'Zil vun der finanzieller Scholdefräiheet z'areechen?
- Lëtzebuerg huet eng Rekordkriminalitéit, eng Augmentatioun vun 1,5% bei enger Panoplie u Strofdoten a Gesetzesverstéiss. Gläichzäiteg, léisst d'Sécherheet ze wënschen iwwreg. Wéi gesinn d'Initiativen aus, fir de Kriminalitéitsproblem ze léisen, de Grenzschutz ze garantéieren, an d'Zil vun der Sécherheet an dem Allgemengwuel erëm hir ze stellen?
- Lëtzebuerg huet eng Rekordimmigratioun, engersäits, duerch eng ëmmer méi grouss Auslännerpopulatioun, an anerersäits, wéinst der lafender Flüchtlingskris mat ronn +/- 2000 Ausufroen d'Joer. Et gi gläichzäiteg, Problemer mat der Integratioun, sozialer Kohäsioun, der Lëtzebuurger Sprooch. Wéi gesinn d'Initiativen aus fir eng méi souveränistesche Migratiounspolitik, a fir d'Lëtzebuurger als Majoritéitsgesellschaft ze sécheren?
- Lëtzebuerg huet eng Rekordpopulatioun, ee Populationswuesstem mat Tendenz no uewen, wou d'Milliounenzuel éierewann geknackt ass. Gläichzäiteg, mat massiivste Konsequenzen op d'Liewensqualitéit: eng Augmentatioun vun den Immobiliëpräisser ëm 11%, ëmmer méi Frontalierstraffic op de Verkéiersraum, virun allem soziale Misär, wou d'Aarbechtslosegkeet an engem Joer ëm 2,1% geklommen ass mat 15.500 Leit ouni Job?

Aner oppe Froen un d'Regierung, dréien ëm d'Identitéitspolitik, d'Schoulbildung, d'Familljeliewen, d'Demokratie, d'Ekonomie, asw. Et wier net vu Muttwëll, wa sech Politik, Press a Medien, eemol méi fir konservativ Fuerderungen interesséiere géifen!

gezeechent, déi Konservativ